

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Déi staark Inflatoun bedeit fir vill Bierger net nëmmen en Akommesverloscht, mee am Zesummespill mat den niddregen an zum Deel negativen Zënsechen och e staarke Verméigensverloscht. Wéi net zulescht d'Entwécklung vun de Logementspräisser aus de leschte Jore weist, hu vill Lëtzebuerger Bierger déi lescht Jore probéiert, sech géint dës Entteegung ouni Gesetz ze schützen, andeems si hir Geldverméigen an Immobilien ëmgeschicht hunn.

Weider Méiglechkeeten fir sech géint en entspreichende Verfall vun enger obligatorescher Wäring ze schützen leien zum Beispill am Investissement an Aueren, Bijouen oder Konschtwierker a méi rezent och déi lukrativ mee volatil Kryptowäringen. An der internationaler Presse ass ze liesen, datt sech beim EU-Sommet zu Bréissel vum 7. Dezember op eng Limitt fir Bezuelunge mat Boergeld vun 10.000 Euro geeenegt gouf. Weider soll ënner anerem genee den Handel mat Kryptowäringen, Aueren a Bijouen nach méi streng iwwerwaacht ginn.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Huet d'Regierung dës Decisioun beim Sommet zu Bréissel ënnerstëtzt? Falls jo, hält si et fir opportun, de Schutz vum eegene Verméige fir d'Bierger an der aktueller Krisesituatioun nach méi schwéier ze maachen? Kann d'Regierung preziséieren, wéi déi willkürlech Limitt vun 10.000 Euro fir mat Boergeld ze bezuelen, sech mam Recht vun de Bierger op Privatsphär verdréit?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen wéi héich d'Geldverméige vun de Lëtzebuerger Bierger an de Joren 2010 bis 2020 duerchschnëttlech reell insgesamt verzénst war a wéi ee Gesamtmontant doduerch erzeegt gouf, respektiv verluer gaangen ass?
- 3) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt besonnesch d'Finanzplaz London vun enger Iwwerreguléierung vum Handel mat Kryptowäringen an anere Verméigensgégestänn an der EU profitéiert?

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Deputéierten


Roy Reding
Deputéierten